

MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7968 – Projet de loi portant modification :

1^o du Code civil ;

2^o de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat ;

3^o de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;

4^o de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises,

en vue de la transposition de la directive (UE) 2019/1151 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 modifiant la directive (UE) 2017/1132 en ce qui concerne l'utilisation d'outils et de processus numériques en droit des sociétés

Mir kommen elo zum Projet de loi 7968 iwwert d'Notze vun digitalen Instrumenter a Prozesser am Gesellschaftsrecht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht a Rapporteur vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen: en Agrëff an d'Gesellschaftsrecht; konkret geet et ëm d'Digitalisatioun vum Notariat. Ech rapportéieren an där Hिसicht e weidert Gesetz, fir eis Justizdénkschter ze moderniséieren, wéi gesot, dës Kéier am Zesummespill mam Notariat.

De Projet 7968 ass de 15. Februar 2022 vun der Justizminister Sam Tanson deposéiert ginn. De 16. März war en an der Justizkommissioun an de Rapporteur gouf bestëmmt. An där Sitzung waren och Vertrieeder vun der Notaireskummer fir en Échange de vues, dee ganz nëtzlech war, wou si eis hir Besoine gesot hunn da wou mer en Abléck kruten, wéi dat funktionéiere soll a wäert.

Den Avis vum Staatsrot krute mer de 7. Februar 2023 an d'Kommissioun huet sech den 8. März dermat befaasst. De 15. März hu mer dunn Amendements

parlementaires vun der Justizkommissioun ugeholl an op den Instanzewege geschéckt. An de Staatsrot huet dunn och erëm ganz schnell de 7. Abrëll säin Avis complémenteaire ginn. Mir hunn deen den 10. Mee an der Kommissioun analyséiert a konnte feststellen, dass de Staatsrot gréng Luucht ginn huet zum Projet. De 24. Mee hu mer eis nach eng Kéier kuerz mam Projet befaasst, soudass mer de Rapport déi lescht Woch, de 7. Juni, konnten unhuelen.

Ëm wat geet et? Ëm d'Ëmsetzung vun der Direktiv 2019/1151, déi d'Direktiv 2017/1132 ofännert, wou et ëm d'Benotze geet vun „outils et processus numériques“ am Gesellschaftsrecht, a fir d'Digitalisatioun am Notariat anzeféieren.

Dës Direktiv ass ze gesinn am Kontext vun der Strategie vun der EU-Kommissioun fir en digitaliséierten EU-Bannemaart. Dëst Gesetz reit sech och an de Regierungsprogramm an, wou d'Digitalisatioun vum Notariat virgesinn ass.

Hei d'Objektiver vun der Direktiv: d'Schaffen en ligne vu gewësse Gesellschaften, d'Immatriculatioun en ligne vu Succursallen, den Dépôt en ligne vun Akten an Informatiounen iwwer Gesellschaften a Succursallen, e besseren Austausch duerch den Interconnex-System vun den Handels- a Gesellschaftsregëstere an e besseren Accès zu Informatiounen iwwert d'Gesellschaften an hir Succursallen.

Et geet net just drëms, dass mer en Akt online kënnen deposéieren, mee och, dass dës Akten op Distanz kënnen erstallt ginn.

De Gesetzesprojet gesäit deemno Folgendes vir: d'Schafe vun enger Base légale pour les actes authentiques sous format électronique. Hei ginn och d'Reegelen an d'Konditiounen gekläert, déi musse respektéiert ginn. Am Code civil gëtt d'Notioun vum „Acte authentique“ ageféiert. D'Schafe vun enger elektronischer Austauschplattform ënner a mat den Notairen. An deem Sënn gëtt d'Notariatsgesetz ugepasst, notament wat dës Froen ugeet: d'Zertifikatioun vun den Ënnerschrëften, eng Identifikatioun op Distanz, d'Erstelle vum Akt op Distanz, wou entweder keng vun de Parteie present ass oder just déi eng oder déi aner.

Mee den Notaire kann da fräi entscheeden, wéi een Typ vun elektronischer Ënnerschrëft hie verlaangt respektiv wéi eng Piëcen hien zur Justifikatioun verlaangt, well hien nach ëmmer d'Verantwortung huet vum Akt, deen erstallt gëtt. Wann en Notaire nämlech de Verdacht huet, dass déi elektronesch Ënnerschrëft kéint gefälscht oder usurpéiert sinn, da kann hien eng physisch Presenz verlaange vun där Partei oder allgemeng refuséieren, en elektronischen Akt ze maachen. Dat ass also seng Verantwortung a säin Ermessensspillraum.

D'Ënnerschrëft vun den Akte muss an engem Format sinn, dat dem Règlement eIDAS entsprécht. All elektronesch Akte gi weider a Pabeiversion, an dat ass och erëm interessant, archivéiert, mat der Mentoun „acte authentique électronique“. An de Sigel an d'Ënnerschrëft vum Notaire mussen drop sinn. Mir fueren hei also zweespueg.

Wat ass déi elektronesch Austauschplattform vum Notariat a wéi ass se ze benotzen, déi elo mat Hëllef vum CTIE erstallt gëtt? Et geet drëms, en eenheetlech an homogen Format vun den Akten ze hunn. De Gebrauch vun dëser Plattform ass obligatoresch – obligatoresch! – fir d'Notairen an et ass en Austauschkanal mam Enregistrement, ënner anerem. Déi Plattform erméiglecht eeben den Notairen, geséichert Actes authentiques ze erstellen mat den elektronischen Ënnerschrëfte vun de Parteien. Iwwert déi Plattform kritt den Notaire och déi néideg Informatiounen, déi hie brauch, vun den effentlechen Organismen an Dénkschter. An

iwwert d'Plattform schéckt hien un déi selwecht Partner seng Informatiounen mat den Ännerungen zréck.

E puer Wuert zu de kommerzielle Gesellschaften an dem RCS: D'Gesetz vum 19. Dezember 2002 iwwert de Registre de commerce gëtt ugepasst. All Lëtzebuerger Succursall, an dat sinn der jett, kritt eng eegen Immatriculationsnummer, an et geet hei ëm eng administrativ Moossnam, fir kënnen all Succursall eendeiteg ze identifizéieren. D'Gesetz vum 10. August 1915 iwwert d'Gesellschaft geëtt ugepasst am Sënn vun der Direktiv 2019/1151. SAen, SARLen an SCAen – Sociétés en commandite par actions – kënnen konstituéiert ginn duerch en elektronischen Akt, eeben ouni eng noutwendeg physisch Presenz. D'Chambre des Notaires bitt do och gratis Ënnerstützung mat Statuts types un, déi een einfach fir seng Besoinen upasse kann.

D'Avisen: Mir kruten Avisen, ausser deene vum Staatsrot, vun der Handwerkerkummer, zweemol vun der Handelskummer, dem Conseil de la concurrence, dem Bezirksgeriicht aus der Stad, der Cour supérieure de justice an zweemol och vun der Chambre des Notaires, déi den Dossier natierlech ganz intensiv suivéiert huet. Déi Avisa waren all positiv, wat d'Zilsetzung vum Gesetz ugeet, an déi juristeschen Remarken hunn erlaabt, et daitlech ze verbesseren an ëmsetzungsbare ze maachen. Merci dofir.

Domat sinn ech um Enn vu mengem mëndleche Rapport. D'Detailer fannt Dir am schrëftlechen. Ech ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue an als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden ageschriwwen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. Merci dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Zum Deel ass et en technesche Projet, awer e Projet, dee wichteg ass, well mer am Fong d'„Paperless Justice“ och elo hei am Notariat aféieren, wou et eebe méiglech ass, d'Akten, an de Rapporteur ass dorop agangenen, ënner Forme électronique kënnen ze maachen.

Ech wëllt awer drop hiweisen: Et gëtt eng wichteg Exceptioun, déi een net kann ënner Forme électronique maachen, wou een eng Kéier a sengem Liewen, jiddwereen eng Kéier a sengem Liewen, dermat konfrontéiert gëtt, dat ass d'Testament. D'Testament muss weiderhin op der Hand gemaach ginn oder beim Notaire getippt ginn.

Wa mer soen, datt an Zukunft Notairesakte kënnen sous forme électronique gemaach ginn, wat heescht dat konkret? Dat heescht konkret, datt ech entweder bei den Notaire ginn a mat menger Signature électronique ënnerschreiwen, esou wéi den Notaire och, oder datt ech mech eeben net méi brauch bei den Notaire ze deplacéieren an dat dann à distance muss kënnen gemaach ginn.

Vu datt d'Notairen, wéi vill aner Beruffer, sensibel Date geréieren, ass et och ganz wichteg, datt eng elektronesch Plattform kreéiert gëtt, déi sécuriséiert ass, well den Notaire muss sech jo mat de Verwaltungen wéi Enregistrement, Kadaster an esou virun kënnen austauschen, fir un déi néideg Informatiounen ze kommen, fir zum Beispill e Kafakt kënnen virzubereeden.

Da wëllt ech och nach drop hiweisen, an et ass schued, datt dat héchstwahrscheinlech dann an dëser Legislaturperiod net méi hei zum Vott kënnt: Mir brauche méi e modernt Notairesgesetz, wou méi Notairesplazen am Land kreéiert ginn! Mir sinn

nach immer bei der Zuel, soen ech, praktesch vum Mëttelealter, obwuel eis Populatioun wiisst. D'Notairë brauchen och nei Forme vun Associatiounen, e bëssen esou, wéi dat bei den Affekoten ass. A mir bedauern, datt bei dësem Punkt d'Regierung net virukënn.

Mee zu dësem Projet de loi gëtt d'CSV-Fraktioun hiren Accord.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Gloden. An dann ass et um honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kollegeen, ech géif fir d'alleréisch dem Rapporteur, dem Charles Margue, e grouse Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. D'Punkte sinn alleguer ugeschnidde ginn, mee ech wollt awer zu deem engen oder aneren nach Bemierkunge maachen.

Mam Projet de loi, deem haut virläit, gëtt, wéi mer schonn héieren hunn, d'Direktiv vum Europaparlament a vum -rot vum 20. Juni 2019 iwwert den Asaz vun digitalen Outilen a Prozesser am Gesellschaftsrecht an iwwert d'Digitaliséierung vum Notariat transposéiert. Esou sollen zum Beispill verschidde Kategorië vu Gesellschaften iwwert den digitale Wee konstituéiert ginn, si sollen hir Succursallen immatrikuléieren, Akten oder Informatiounen deposéiere kënnen.

Mir maachen heimat e wichtige Schratt Richtung Moderniséierung vum Notariat, andeem mir et den Notairen erméiglechen, fir aus den haitegen technologesche Méiglechkeete vollen Notzen ze zéien.

D'Ëmsetzung vum Gesetz ass natierlech och vu grousem Notze fir d'Clientë vun den Notairesetüden. Domat gëtt d'Attraktivitéit vun der Plaz gefërdert an et huet zudeem d'Potenzial, eis e Virsprong ze gi par rapport zu der Konkurrenz.

D'DP begréisst, dass mir mat dësem Gesetz méi wäit ginn, wéi d'EU-Direktiv et eigentlech virgesäit. Eigentlech soe mer ëmmer: „la directive, rien que la directive!“ Mee hei ass et éischter e positive Schrëtt, dee mir maachen, andeems net nëmme bei den SARL-en, mee och bei weideren Typen vu Gesellschaften, wéi zum Beispill der Société en commandite simple oder enger Société civile, d'Méiglechkeet vun enger Constitution en ligne gebuede gëtt. Geneesou ass dat neit Gesetz manner restriktiv wéi d'EU-Direktiv, wann et ëm d'Handhab vum den Notairesakten op elektronesch Aart a Weis geet.

Positiv ass och, dass dat neit Gesetz net nëmme fuerdert, datt d'Actes authentiques fir d'Grënnung vu Sociéiteiten, déi dem Gesetz ënnerleien, elektronesch getätegt kënnen ginn, mee och, datt dëst à distance méiglech ass, also ouni physisch Presenz virum Notaire, dat, a mir hunn et héieren, awer nëmme ënner bestëmmte Bedingungen.

Des Weidere si mir frou, dass mat deem Gesetz de grenziwieschenden Zougang zu Informatiounen iwwer Gesellschaften a Succursallen an der Europäescher Unioun erliichtert gëtt an den Austausch vun Informatiounen tëschent de Comerceregëstere vun de Memberstaate verbessert gëtt via den Interconnexionssystem BRIS.

D'DP-Fraktioun begréisst d'Moderniséierung vun der Gesetzgebung an d'Adaptatioun un déi aktuell Gegebenheiten. Ech schlëssen dann of a ginn heimmadder den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Gesetzesprojet.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Arendt. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Jo, léif Kolleegeinnen a Kollegeen, virop soen ech dem Rapporteur Charles Margue Merci fir säi gudden detailléierte mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Et ass e puermol ugeklongen, mir transposéieren hei eng Direktiv a schafen, wéi gesot, dann de legale Kader, deem awer och schonn d'Regierungsparteien an hirem Koalitiounsaccord 2018 festgehalen haten. Also ass et scho säit enger ganzer Rei Joren ugeduecht, d'Notariat hei zu Lëtzebuerg substanzuell ze moderniséieren, an deem droe mer haut och deementsprechend Rechnung an huelen am Fong d'Notariat an déi digital Ära mat eran. An ech mengen, dat dréit sécherlech zum Fortschrëtt, zum technologesche Fortschrëtt, bäi, souwuel fir d'Notairë wéi natierlech och fir hiert Personal, hir Clercen.

Natierlech wësse mer, datt hei e Kader geschafe gëtt, deem och eng juristesche Sécherheet muss mat sech bréngen, fir dass déi net a Gefor gesat gëtt, d'Akten, déi effektiv dresséiert ginn iwwert d'Transkriptioun vun dëser Direktiv. A mir hunn et jo héieren, do gi mer e bësse méi wäit. Et gëtt deem natierlech och Rechnung gedroen.

Déi elektronesch Austauschplattform, ech mengen, hei gëtt alleguer den Acteuren d'Méiglechkeet geschaaft, fir iwwert déi ze transitéieren. Mee am Allgemenge kann een d'Digitalisatioun och als wichtige Schratt fir eis Gesellschaft gesinn, fir eng méi modern a benotzerfrëndlech Gesellschaft. Souwuel elo am administrative wéi am juristesche Beräich, mengen ech, ass dat heiten eng Approche, déi eng ganz Rei Virdeeler mat sech bréngt. Mee duerch déi Plattform, déi geschafe gëtt, kann natierlech den Notaire awer och weider Rotschléi ginn an natierlech och traditionell duerch de Prozess begleeten. An ech mengen, dass dat och grad bei dësem Novum net onwichtig ass vis-à-vis vun de Clienten.

Et gëtt also op eng alternativ a modern Léisung gesat an déi gëtt och ugebueden. Awer natierlech ass den Déplacement an den Notairesbüro nach ëmmer méiglech, dat soll een awer och hei deementsprechend soen. Wann een hei also nach ëmmer traditionell den Akt wëllt ënnerschreien, kann een dat och maachen, nieft der Digitalisatioun. Mee virop ginn, mengen ech, hei am Fong méi einfach, effikass a schnell Methode geschaaft. An dat reit sech jo och an an déi ganz Efforte vun der Paperless Justice.

Wann een de Projet de loi 7968 kuckt, wou och probéiert gëtt, de Code civil ze moderniséieren, wou een och eng Lag wäert schafen a puncto Digitalisatioun, mengen ech, ass dat e weideren Aspekt, deem hei a Betruecht ze huelen ass. A vun deem Standpunkt aus kann ech vun dëser Plaz aus och den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Biancalana. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Villmools merci, Här President. Och fir d'éischt emol dem Här Margue e grouse Merci. Et ass sielen, et gëtt vläicht an den nächste Méint ëmmer nach méi sielen, datt mer kënnen engem grénge Kolleg Recht ginn. Dat maache mer haut ganz gär. An ech soen Iech villmools Merci fir deem interessante Rapport.

Net nëmme Dir, mee och eng Rei vun anere Kollegeen hu mat engem héije Grad vun Eruditioun iwwert déi nei Méiglechkeete geschwat. Heiansdo ass et gutt, wann een um Dag X net dat vergësst, wat een um X – 1 gesot huet. Gëschter hu mer hei all iwwer d'Vir- an Nodeeler vun der Digitaliséierung geschwat.

Och den Här Dan Biancalana huet dat e bëssen en ellipse elo matdiskutéiert, datt mer ëmmer nach d'Beideutung vum analogen, klassesche Wee musse mat am A behalen an datt mer keng Méiglechkeeten an där Hisicht zoumaachen. Dat maache mer mat dësem Gesetz net, dofir droe mir dat als ADR och ganz gär mat.

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. A leschten ageschriwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President, merci dem Charles Margue. Alles, wat zu méi Digitaliséierung féiert, gefält eis Piraten, dofir droe mer dat hei och mat. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministersch Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, merci Iech alleguer fir déi breet Zoustëmmung, merci natierlech dem Charles Margue fir säi ganz ausféierleche Rapport. Hien huet allegueren d'Detailer hei vun deem Projet gutt duergeluecht, soudass ech dat net nach eemol brauch ze maachen.

Dat hei ass effektiv eng Vereinfachung, souwuel fir d'Notairë wéi och fir d'Bierger, déi awer encadréiert ass, wou et Ausname gëtt, ech mengen, dat ass och ugeklongen, well déi natierlech och wichtig sinn a wou et wierklech drëms geet, jiddwerengem d'Liewe méi einfach ze maachen.

Ech wollt och nach bemierken, dass d'Chambre des Notaires och Modeller vu Statute wäert gratis zur Verfügung stellen, fir eeben d'Gesellschaften nach besser bei der Grënnung ze ënnerstëtzen.

Dann ass och ugeklonge beim Här Gloden d'Fro vun der Reform vum Notariat. Dir wësst dat, et ass e Projet de loi, deem op den Instanzewee geschéckt ginn ass viru fënnf Joer, dee vum Staatsrot extreem negativ aviséiert gi war, wouropshin ech och Diskussiounen opgeholl hat mat der Chambre des Notaires. Du koud d'Pandemie dertëscht, déi eis do wierklech ausgebremst huet. Ech hunn duerno d'Diskussiounen erëm opgeholl, mee ech muss Iech soen, dass ech bis elo net op e grénge Zweig komm si mat der Chambre des Notaires.

Dir hutt elo gesot, mir sollten et esou maache wéi bei den Affekoten. Ech sinn och do ganz mat Iech d'accord. Dat ass awer op alle Fall net déi lescht Position, déi ech vun der Chambre des Notaires an eiser Reunione mat op de Wee krut, well si sech wuel eng Associatioun kéinte virstellen, awer ënner ganz restriktive Konditiounen, an ech awer do e bëssen e Problem domadder hätt, wann elo d'Notairen zum Beispill selwer géifen decidéieren, wéi e Kandidat notaire da kéint Notaire ginn, andeems e sech da mat engem besteeënden Notaire associéiert. Dofir si mer op deem Punkt à ce stade net weiderkomm.

Da wësst Der och, wat elo d'Zuel ubelaangt vun den Notairen, dass mer am Moment an enger schwiereger Phas sinn, wat de ganze Bausecteur ugeet, wat natierlech och eng Repercussioun op d'Notairesakten huet, eppes, wat d'Notairen och wierklech spieren. Mir hu schonn eng Analys gemaach, och am Echange mat den Notairen, wou kéinten Notairesposte bäigesat ginn. Si hunn awer extreem Reserven, dat elo grad dës Zäit ze maachen.

Dofir muss och net d'Gesetz geännert ginn, dat kann iwwer e Règlement grand-ducal geännert ginn. De

Règlement grand-ducal ass och prett. Soubal d'Situatioun sech e bësse calméiert huet, kann deen och op den Instanzewee goen, dass nach dräi Notairë bäikéimen, awer mat allkéiers engem Delai, enger Period eeben tëschent deenen neie Kreatiounen, fir dass d'Leit sech kënnen aliewen.

Mee wann Dir mat den Notairë schwätzt – Dir kennt der jo och, Här Gloden –, dann héiert Der warscheinlech, dass d'Situatioun do am Moment vläicht net esou ass, dass ee soll en neien Notaire, dee jo dann an eng Etüd kënn, déi nach guer net besteet, wou een alles muss vun null opbauen, op de Marché schécken. Dofir hu mer dat à ce stade „on hold“ gehalen. Mee dat ass awer prett a kann dann, wann d'Situatioun sech e bësse stabiliséiert huet oder erëm e bësse méi positiv ass, och op den Instanzewee goen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Justizministesch Sam Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zu der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7968. Den Text steet am Document parlementaire 7968¹².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7968 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm an 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 8174 – Projet de loi portant

1° transposition de la décision-cadre 2003/577/JAI du Conseil du 22 juillet 2003 relative à l'exécution dans l'Union européenne des décisions de gel de biens ou d'éléments de preuve ;

2° transposition de la décision-cadre 2006/783/JAI du Conseil du 6 octobre 2006 relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions de confiscation ;

3° modification du Code de procédure pénale ;

4° modification du Nouveau Code de procédure civile ;

5° modification de la loi du 22 juin 2022 portant sur la gestion et le recouvrement des avoirs saisis ou confisqués

De leschte Punkt um Ordre du jour vun dëser Sitzung ass de Projet de loi 8174, d'Ëmsetzung vun zwou Décision-cadren iwwert d'géigesäiteg Unerkennung vun Decisiounen a puncto Afréieren a Konfiskatioun vu Verméigen.

D'Justizkommissioun huet mam Accord unanime vun der Conférence des Présidents decidéiert, den Artikel 73 vum Chambersreglement ze applizéieren an iwwert de Projet ouni Rapport an ouni Debatt ofzestëmmen. Well keen Deputéierte bis virun der Sitzung eng Oppositioun formuléiert huet, esou wéi et am Artikel 73 (6) vun eise Reglement virgesinn ass, kënnen mer deemno direkt zum Vott vun dësem Projet de loi kommen.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8174. Den Text steet am Document parlementaire 8174⁹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8174 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen zu dem Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Max Hengel), MM. Emile Eicher, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. André Bauler), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir de 27., 28. an 29. Juni virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 15.01 heures.)